

Konschtprojert an Indien – August 2015

Konschtmaterial finanziert vun de Schüler a vum Personal vum LJBM.

Op Eegeninitiative hin hat ech mech schon am Februar 2015 um Indeschen Owend am LJBM mam Gusty Braun vun der ONG *Aide à l'enfance de l'Inde* iwwert ee méigleche Konschtprojert an enger indescher Schoul ënnerhalen.

Ech sinn fasziniert vun der indescher Kultur a wollt schon ëmmer eng Kéier mat Kanner oder Jugendlechen aus engem Land mat enger aner Kultur kënschtlersch zesumme schaffen.

Nodeems d'organisatoresch Froe geléist waren, hunn ech dunn am Juli Suen am LJBM agesammelt fir d'Material kënnen dohannen ze kafen, well si an der Regel just Pabeier a Bläistëfter an de Schoulen hunn. Et koume 430 Euro zesummen. Vun de gesammelte Suen hunn ech ronn 60 Euro heiheem fir Material ausginn an e bësse manner wéi d'Halschent vun der Gesamtzomm dohannen, wou alles méi bëlleg ass, awer och oft vu méi schlechter Qualitéit. Well et net sécher ass, ob dat Material weiderhin op der Plaz



genotzt gëtt (et gëtt keen Konschtproff), hunn ech decidéiert de Rescht der ONG *Sakhi Trust* (Partner-ONG vun *Aide à l'enfance de l'Inde*) ze spenden. Dës ONG erméiglecht et, Jonken aus aarmen Familjen weider an d'Schoul (College ab 16 Joer) ze goen, andeems si een Deel vun hiren Studienkäschten iwwerhëlt.

Vum 1. August un war ech dunn zwou Wochen zu Hospet am Staat Karnataka. D'Rees hunn ech selwer finanziert, eng Schlofplaz an d'lessen dohanne gouf vun der ONG gestallt. Ech hunn all Dag zwou Stonnen (den Weekend méi laang) mat

jonke Meedercher am Alter vun 12 bis 16 Joer kënschtlersch zesumme geschafft. Dës Meedercher hunn an der K.G.B. Hostel e bësse ausserhalb vun Hospet geschlof an verschiddener vun hinnen gongen do an d'Schoul an déi méi grouss am Nopeschduerf.



Déi Meedercher waren immens aarm a sinn réischt säit kuerzem rëm ageschoult ginn; dat heescht, datt hir Elteren si aus der Schoul geholl haten, well si dës net méi bezuelt kruten, an datt d'K.G.B. Hostel et hinnen erméiglecht, do ze schlofen a weider an d'Schoul ze goen.



D'Aarbecht mat de Meedercher huet immens Spaass gemaach. Si hunn normalerweis kee Konschtunterricht, a scho guer keng ënnerschiddlech Materialien a sou waren si frou a begeeschtert, fir verschidden Techniken auszeprobéieren.

Et waren ëmmer verschidde Gruppen (tëscht 20-45 Meedercher), well si zu 150 waren, an ech kee wollt ausschléissen. Well si bal keen Englesch konnten, huet eng Proff gehollef ze iwwersetzen (hiren Dialekt nennt sech Kannada), wat awer och net ëmmer einfach war. Et war awer net schlëmm, well ech hunn

si gréisstendeels fräi schaffe gelooss. Si waren ëmmer motivéiert, hate flott Iddeeën a waren einfach frou, sech kënschtlersch auszedrücken. Mir hunn zesumme verschidden Technike wéi Kuel, Aquarellfaarf, Uelegpastell, Lehm a Gipsmasken ausprobéiert. Am flottsten ass d'Wandmolerei (Foto) ginn, bei där awer nëmmen eng kleng Grupp vu méi grouse Meedercher matgemoolt hunn. Als Thema wollt ech ee positivt Bild, dat hinne Courage gétt fir den Alldag an d'Zukunft. Et sinn Saachen ofgebild, déi hinne wichteg sinn (d'Iddeeën koumen also vun hinnen), wéi zum Beispill Frëndschaft, een Haus, den Hond aus der Hostel, d'Natur an Déieren. Bei der Kompositioun hunn ech bësse gehollef, mee si hunn vill selwer gemoolt, et sollt jo net perfekt ginn, mee et sollt eppes duerstellen, wat mat hinne perséinlech ze dinn huet.

Et war fir mech eng super Erfahrung an ech giff et direkt nach eng Kéier maachen, allerdings da méi laang, fir och wierklech Themen an Techniken ze verdéiwen. Virun allem hunn ech duerch si vill iwwert hier Kultur an hier Ausdrucksweisen geléiert.



Villmoos Merci nach eng Kéier fir d'Spenden,

Martine Breuer, Konschtproff am LJBM

(Fir weider Infoe kënnt Dir mech och gär kontaktéieren)